

## Evangelium vum 32. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

### Mk 12,38-44

- G. *Den Här sief mat iech all.*  
A. *An och mat lech.*  
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*  
A. *Dir all Éier, Här.*

- 38 De Jesus huet déi vill Leit geléiert  
a sot: "Huelte iech an Uecht virun de Schrëftgeléierten!  
Si weisen sech gär a prächtege Gewänner  
a gi gär op de Maartplaze gegréisst,  
39 si sëtzen sech gär op déi éischt Plazen an de Synagogen  
an hätte gär d'Éiereplaze bei Dësch.  
40 Si friessen de Witfraen hir Haiser op,  
an si ginn sech no baussen, wéi wann si laang biede géifen.  
Ëmsou méi en haart Uerteel gött eng Kéier iwwer si gesprach."
- 41 Wéi de Jesus sech am Tempel vis-à-vis vum Afferstack gesat huet,  
huet hien de Leit nogekuckt,  
déi Suen dragehät hunn.  
Vill Räicher hunn déck Zomme ginn.  
42 Dunn ass eng aarm Witfra komm,  
déi just zwéin Zantimm<sup>i</sup> ginn huet.  
43 De Jesus huet seng Jünger bei sech geruff  
a sot zu hinnen: "Amen, ech soen iech:  
Dës aarm Witfra huet méi an den Afferstack gehät wéi all déi aner,  
44 well si all hunn nëmmen eppes vun deem ginn,  
wat si am Iwwerfloss hunn,  
d'Fra awer huet vun deem Wéinegen, wat si hat, alles ginn –  
hire ganze Liewesënnerhalt."

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> Wuertwiertlech: zwéi Lepta, dat ass ee Quadrans. Ee Lepton war déi klengst jüddesch Mënz.